


Ohh Lill, Papa firwat du?

E Mënsch mat enger Perséinlechkeet, déi sengesgläichen sicht,
huet eis vill ze fréi verlooss.

# Théo FRANTZ

**02.12.1956 - 16.07.2026**

Säi gréisste Wonsch war ëmmer, datt et senger Famill an deene Mënschen, déi him um Häerz louchen, gutt geet.
Mat grousser Léift, Onselbstlosegkeet an engem groussen Häerz huet hien zu all Moment seng eege Besoinen hannert déi vun anere gestallt. Hien huet ginn, gehollef a sech agesat, ouni jeemools eppes zréck ze verlaangen. Säi Wuel war d'Gléck vun deenen, déi hie gär hat.

Leider huet hien e Kampf misse féieren, dee vu vir eran bal net ze gewanne war. Awer och an där schwéierster Zäit huet hien ni opgehalen, Courage ze weisen. Bis zu senger leschter Sekonn huet hien eis ni d'Gefill ginn, datt et him schlecht géif goen. Seng Stäerkt, seng Dignitéit a säi Laachen wäerten eis fir ëmmer an Erënnerung bleiwen.
Mir soen him Merci – fir seng Léift, seng Hëllefsbereetschaft, seng Guttheet an all déi wäertvoll Momenter, déi mir mat him duerfte verbréngen.
Hien hannerléisst en grousst Lach an eisen Häerzer, mee och onzieleg schéin Erënnerungen, déi eis fir ëmmer begleeden.

D'Begriefnis ass um Kierfecht zu Munneref e Méindeg, den 20.07.2026 ëm 15:00 Auer mat uschléissender Mass.

Et traueren ëm hien:

| | |
|---|---|
| seng Fra : | Marie-Rose Frantz - Roger |
| seng Kanner : | Tom a Maïté Frantz - Luxen an hire Kanner Léonie an Elio |
| | Lynn a Valérie Frantz - Reitz mat hirem Kand Jo |
| säi Brudder : | Romain a Yoli Frantz - Roger |

An déi ganz Famill an Frënn.

Déi Léit, déi besonnesch eisem léiwe Verstuerwenen wëlle gedenken, kënnen dat maache mat engem Don un „Fondatioun Kriibskrank Kanner“ LU17 0028 1408 4840 0000 oder un „Pets Angels Luxembourg Asbl.“ LU69 0030 4116 0669 0000, mam Vermierk „Don Théo Frantz“.

*309036*